2
2007

# De Conter Expresso

# Une crèche à Moutfort

La section CSV de la commune de Contern se réjouit de la construction d'une crèche sur le territoire de la commune de Contern. Lors de la séance du 21.03.2007 le conseil communal a décidé par 8 voix contre 3 d'accorder un bail emphytéotique pour un terrain de 34,95ares - soit les anciens terrains de tennis outdoor situés en plein centre de Moutfort - aux responsables de la crèche Sunflower Montessori*.

Notons au passage que les trois élus CSV ont soutenu et voté ledit projet alors que 3 élus des deux autres formations politiques du conseil communal ont voté contre le projet de la crèche. Les recettes dudit bail emphytéotique permettent à l'administration communale de financer à long terme – ceci sans utiliser d'autres fonds – le déplacement des terrains outdoor de tennis a côté du hall de tennis près du Wöllemslach, réunissant ainsi les terrains indoor et outdoor. Il s'agit donc d'une opération qui s'inscrit dans la logique de la volonté politique de la CSV, logique qui se veut notamment - au service de la famille et des associations sportives ou autres.

En ce qui concerne la crèche, l'administration communale a su réserver un droit d'accès prioritaire pour 25 enfants de familles résidents sur le territoire de la commune de Contern. Il va sans dire que cette crèche acceptera les enfants de toutes les nationalités et que la langue luxembourgeoise y sera parlée. Finalement il y a lieu de noter que ces deux projets étaient inscrit dans le projet électoral de la CSV-Contern.



*Les travaux de construction vont bon train*

*: Voir aussi fr.wikipedia.org/wiki/P%C3%A9dagogie_Montessori ou www.montessori.de

## D'Secherheet ënnnerwee läit eis um Häerz

Am Sënn vu méi Secherheet fir eis all, hei e puer Informatiounen an Iwerleeungen wéi eis Stroossen an Trottoiren nach méih secher fir d'Benotzer kënne sin a gin.

### Beliichtung duerch de „Biirk"

Mir als CSV-Conter mengen dass d'Stroos respektiv de Fousswee duech de „Biirk" laanscht de Kierfeg vu Moutfort bis op Éiter onbedéngt a sou séier wéi de Finanzplang vun eiser Gemeng et erlabt misst eng Beliichtung kréien.

CSV

*Eisem Léierpersonal, alle Leit aus den Opfankstrukturen vu „Maison Relais" a „Précoce", deenen anere Beschäftegten am neie Schoul- a Sportkomplex „Um Ewent" a besonnesch alle Kanner a Sportler déi elo dës nei Infrastruktur fir Bildung a Sport an den nächste Joeren notze wärten, wënscht d'**CSV-Conter** vill Freed an Erfolleg bei hieren Aktivitéiten!*

De Conter Expresso

Vill Leit déi do (mam Hond) spazéieren oder zu Fouss vu Moutfort op Éiter gin – nët zulèscht fir den Zuch ze huelen, géifen sech bestëmmt méi secher fillen wann dëse Wee beliicht wir, dëst ganz besonnesch am Wanter wou et schon ëm 16:30 Auer däischter gët, an d'Schüler da vum Bus kommen.



## Secherheet op der Syrener Strooss

Mir begréissen et, dat op der Syrener Strooss, a kuurzer Zäit, d'Secherheetsinfrastrukturen verbessert gi sin. Déi nei Zebrasträifen a Potoen laanscht d'Trottoiren mat zousätzlech enger rouder Luucht virun der Schoul droen derzou bäi, dass op deser stark befuerener Strooss d'Autofuerer durch déi optesch Verengung vun der Strooss mat Metallpotoen automatesch gebremst gin. Besonnesch ervirzehiewen ass, dass op der Syrener Strooss eis Gemengenarbechter bei Schoulufank a -schluss Surveillance maachen an och eis Police scho méi wéi eng Kéier Präsenz gewisen huet.




## Mam Pedibus bis op den Ewent

Och stellt d'CSV-Conter sech d'Fro op mier zu Conter, wa gewënscht, e Pedibus sollte funktionnéiere loossen.
De Pedibus as eng Iddi aus der Schwäiz fir d'Kanner vun enger Sammelplaz aus, (an eisem Fall kéint dat den Haff vum Henkeshaus sin) vun enger oder méi Persounen zu Fouss an hier Schoul ze begleeden.
Dëst erlabt et de Kanner a Begleedung an ënner Opsiicht zu Fouss an d'Schoul ze goen. An deem Fall kéinten d'Kanner mat der Begleedpersoun vum Henkeshaus duech d'rue des Prés direkt iwwert de Wee hannert de läschten Haiser zu Fouss erop bei d'Schoul goen an och op deem Wee erëm zréck kommen.

## D'Méidengerstroos zu Moutfort

Schlussendlech fanne mier et gudd dat de Passage vun der Méidengerstroos zu Moutfort laanscht déi fréier Primärschoul erëm ganz fir de Verkéier opgemaach gin ass – d'Gefor fir d'Kanner besteet jo nët méi – an doduerch den Ëmwee iwwert d'Haaptstrooss ewechfällt.

Mat dëse Viirschléi a Moossnahmen gët de Verkéier rëm deelweis méi sécher a dréit esou zumindest deelweis zum Ëmsetzen vum ugestrieften Gesamtverkéierskonzept bäi.

# Undenken un en treie Member


*Marcel Colbach (1928-2007)*

Déif betraff a mat grousser Trauer huet d'CSV-Sektioun Conter déi onbegräiflech Nouvelle missen zur Kenntnis huelen, dass de Marcel Colbach den 22. August 2007 onerwaart am Alter vun 79 Joer an der Vakanz zu Blankenberge gestuerwen ass.

An der Persoun vum Marcel Colbach hu mir net nëmmen e langjährege Member a Keesserevisor verluer, mä virun allem och e Mann mat Prinzipien, dee fest zu senger chrëschtlech-sozialer Iwwerzeegung stoung an deemno gehandelt huet. Och huet hien, dee staark am gesellschaftleche Liewen vun der Uertschaft an der Gemeng Conter engagéiert war, ëmmer erëm eng Hand mat ugepakt, wann et geheescht huet, Organisatioune virzebereeden an duerchzezéien. Hie war fir äis eng engagéiert an zouverléisseg Stäip am déiwe Sënn vum Wuert.

Mir traueren em en treie Member a gudde Kolleg an drécke senger Famill eist déifste Matgefill aus, dëst mat der Zousécherung, dass de Marcel an eiser Erënnerung weiderlieft.

# Besuch des Naturschutzgebietes „Schlammwiss" in Uebersyren



Ende August besuchten auf Einladung der CSV-Conter zahlreiche Interessenten das Schilfgebiet im Naturreservat Uebersyren. Jim Schmitz erläuterte in einer interessanten Entdeckungstour die Fauna und Flora des Naturreservates mit den schönsten und seltensten Brutvögel, Libellen, etc. unserer Feuchtgebiete. Einige Vögel wurden zur genaueren Betrachtung eingefangen, beringt und anschliessend natürlich wieder freigelassen! Nach dem lehrreichen Rundgang konnten die Teilnehmer die gewonnenen Erkenntnisse bei einem Glas Viiz bzw. einem genüsslichen Reifrënsch aus dem Canacher „Wengertsbierg" austauschen bzw. weitere Fragen an die Fachleute vor Ort stellen.

# Hierschtfest '07



Och dëst Joer huet d'Hierschtfest rëm vill Leit ugezun. De Centre Culturel zu Éiter war grad grouss genuch fir eis Frënn aus der Gemeng an eng Reih Kollegen aus den Nopeschsektiounen ze empfänken. Niewt dëm Iessen sin och déi lokal Produiten an Hobbyarbechten gudd bei eise Gäscht ukomm.



# D'CSV-Conter ënnerstëtzt den Télévie

Wéi ugekënnegt ass viru kuerzem d'Recette vum Rally am Mee zu Méideng an Héicht vu 705 € dem Télévie iwerreecht gin. Bei enger klenger Réceptioun krut d'Madame Cecile Bosi, als Vertriederin vum Télévie deen entsprechende Scheck offiziell iwereecht.

Bei där Gelegenheet huet d'Madame Bosi dann och op déi wichteg Aktioun vum Télévie am Interessi vun der Kriibsfuerschung higewisen.

Et wärt dann och nët déi lescht Aktioun vun der CSV-Conter fir den Télévie gewiescht sin.




Foto: Carlo Thoss

# D'Buvette vum F.C. U.S. Moutfort-Medingen ass vergréissert gin

Am Interessi vum Sport a besonnesch der Jugendaarbecht begréisst d'CSV-Conter dat mat der vergréisserter Buvette de Moutforter Foussball elo iwert en ideale Raum fir eng besser Entwécklung vu séngen Aktivitéiten virun, während an no de Compétitiounen verfügt.



De Conter Expresso

www.csv-conter.lu
info@csv-conter.lu

Die CSV-Contern zum Klimaschutz

# Tipps zum richtigen Heizen

- Undichte Fenster oder Aussentüren unbedingt mit nachrüstbaren Fensterabdichtungen ausstatten.
- Beim Einstellen der Raumtemperatur daran denken, dass jeder Grad weniger ca 6% Heizenergie einspart und überhitzte Räume ungesund sind.
- Bei der Einrichtung darauf achten, dass Heizkörper und/oder Heizkörperventile nicht durch Gardinen oder Möbel verdeckt werden, da dies unter Umständen einen bis zu 40% höheren Energiebedarf hervorrufen kann.
- Beim Gluckern, Rauschen oder Nichtwarmwerden der Heizkörper: Die Ventile oben am Heizkörper öffnen und die Luft ablassen bis Wasser austritt. Nicht richtig wäre in diesem Fall das Höherstellen der Heizkreistemperatur oder der Umwälzpumpe.
- Im Winter Rolläden nachts schliessen. So verfügen Sie über eine zusätzliche Wärmedämmung. Im Falle eines dichten und wärmegedämmten Rolladenkastens können so bis zu 15% Heizenergie eingespart werden.
- Dünnwandige Heizkörpernischen zwischen Wand und Heizkörper mit Dämmmaterial z.B. alubeschichtete Dämmplatten ausstatten, damit die wertvolle Wärme nicht nach aussen dringt, sondern in den Raum zurückstrahlt.
- Eine regelmässige Kesselwartung gewährleistet den optimalen Wirkungsgrad der Anlage.
- Nicht mit Strom heizen. Keine elektrischen Heizlüfter oder Radiatoren einsetzen, da Strom wesentlich teurer ist als Gas und dies finanziell wie auch aus Sicht der Umwelt nicht sinnvoll ist.
- Freiliegende Heizungsrohre in Keller oder Garagenräumen unbedingt isolieren um unnötige Heizverluste zu vermeiden.
- Bei längerer Abwesenheit (z.B. Urlaub) die Heizung tiefer stellen.

## Manifestatiouns Kalenner

**30. November 2007**
Visite vum Chrëschtmaart zu Valkenburg/NL

**14. Januar 2008**
CSV Neijoeschpatt

## Konferenzen 2007/2008

Duebel Nationalitéit mam Laurent Mosar a Maurice Bauer, den 20. November zu Sandweiler

Froen un de Ombudsmann Marc Fischbach

Froen un de Kommunikatiounsminister Jean-Louis Schiltz: Wat kascht eis Telé an der Zukunft?

## Hutt Dir eng Fro, brauch Dir eng Informatioun, hutt Dir eng Suggestioun? Da kontaktéiert eis:

| | | | |
|---|---|---|---|
| Schmitz Jim | *Buergermeeschter* | 621 293 695 | j.p.schmitz@luxnatur.lu |
| Sauber Jean | *2. Schäffen* | 661 350 629 | jean.sauber@apsch.etat.lu |
| Schmit-Eischen Lilly | *Conselljée* | 621 425 246 | joli1@pt.lu |
| Zovilé-Braquet Marion | *Präsidentin* | 621 226 679 | zovile@pt.lu |
| Hoffmann Marcel | *Sekretär* | 621 196 053 | mho@geduck.com |

# Gitt Member vun der CSV-Conter

Ech wëll Member bei der CSV-Conter gin:

Numm: ____________________ Virnumm: ____________________

Hausnummer, Strooss: ____________________

Code postal, Uertschaft: ____________________

Telefon: ____________________ Fax: ____________________

Handy: ____________________

E-mail: ____________________

Schneit dësen Text w.e.g. eraus a gitt en bei engem Comitésmember of. Dir kënnt Iech awer och direkt um Internet aschreiwen.

CSV

**Impressum**
CSV – Chrëschtlech Sozial Vollekspartei

**„De Conter Expresso"**
erscheint unter der Verantwortung der CSV-Conter

Auflage 2/2007: 1 400

**Weitere Informationen:**
Web: www.csv-conter.lu
E-mail: info@csv-conter.lu

Copyright © CSV-Conter 2/2007